# LSW STUDIEN INFO BROSCHÜR 2021











# Virwuert vum President




**Cédric Heintz**
President vum LSW

## Grüß Gott!
### zukünfteg Wienerinnen an Wiener

Nom Schoulofschloss stellt een sech zwou Froen, op déi een net sou einfach eng Äntwert fënnt: Wat a wou wëll ech studéieren goen? Genau des zwou Froen hunn ech mir och gestallt an zu Wien eng Äntwert drop fonnt!

„Wien bietet die Erlebnisse einer Metropole ohne die Stressfaktoren einer Metropole.“ heescht et an engem Zitat vun der Stad Wien. Knapp zwou Milliounen Leit wunnen momentan an der Haaptstad vun Eisträich. Wien kann mat sengen wonnerschéinen architektoneschen Gebaier, enger kultureller Villfalt an enger Naturlandschaft punkten. Des Villfalt dréit dozou bei, dass Wien an deenen leschten Joren ëmmer rëm zu der liewenswäerterster Stad op der Welt vun diversen Studien gekréint ginn ass.

Wien ass mat knapp 200.000 (!!) Studenten an Studentinnen eng immens studentefrëndlech Stad, déi en Studenteliewen um héchsten Niveau ubitt. Mat 25 Héichschoulen an Universitéiten, kann een sou gutt wéi alles zu Wien studéieren.

Den LSW ass eng Associatioun vun Lëtzebuerger Studenten zu Wien, deen aus engem Comité besteet an deem zwou Aufgaben zoukommen. All zukünfteg/e Student/in souwéi aktiven Memberen gräifen mir ënnert d’Äerm an stinn hinnen bei allméiglechen Froen zur Säit. Mir bréngen eis Memberen op verschidden Evenementer (z.B. Pubquiz, Stammdësch, Volleyballtournoi, Saufest), déi iwwert d’ganzt Joer stattfannen, zesummen. Och zu Lëtzebuerg ass den LSW aktiv, wéi z.B. beim Tournoi de Noël oder um Studentebal.

Des Broschür soll dir als zukünfteg/en Student/in hëllefen, éischt Andréck iwwert Wien ze kréien an dir scho méiglech Äntwerten zu dengen Froen ginn. Hues du nach weider Froen, dann zéck net eis ze kontaktéieren.

Hoffentlech gesinn mir dech gläich zu Wien!

Cédric

# Index





6 **Wien**
Allgemeng Informatiounen iwwert d'Haaptstad vun Éisträich

7 **Praktesch Informatiounen**
Transportméiglechkeeten bis op Wien, Logement, ëffentlechen Transport

11 **Unien zu Wien**
Wat an wou kann ech zu Wien studéieren?

20 **Lëtzebuerger Studenten Wien**
Virstellung vum LSW, sengen Aktivitéiten an dem Comité

27 **Student/innen am Interview**
Wou gees du am léifsten brunchen?

29 **Rezept: Wiener Schnitzel**

30 **Wieneresch - Lëtzebuergesch**

31 **Impressum**












www.lsw.lu
lsw@lsw.lu
lsw_1975

# Wien







## D’Haaptstad an Zuelen

| | |
|---|---|
| 1.920.949 | Awunner/innen (1. Januar 2021) |
| 190.388 | Student/innen (2019/2020) |
| 23 | Bezierker |
| 414,87 | km² |
| 4050 | Awunner/innen pro km² |
| 1t | Plaz an der Mercer Studie 2020 vun der Liewensqualitéit |

Wien, d’Haaptstad vun Éisträich, ass mat 1,9 Milliounen Awunner/innen déi zweetgréisst Stad am däitschsproochegen Raum no Berlin. D’Haaptstad ass virun allem bekannt, wéinst senger impressionnanter Architektur, souwuel den historeschen Zentrum wéi och d’Schlass Schönbrunn gehéieren zum UNESCO-Weltkulturierwen.

Och wann een bei Wien direkt un den Keeser Franz an d’Keeserin Sissi denken muss, huet Wien däitlech méi ze bidden, souwuel historesch wéi och kulturell. Nieft der weltbekannter Architektur an der Geschicht vun Wien, kann een bei engem Besuch vum Wiener Prater duerch en schéinen groussen gréngen Park tréppelen, awer och op engem vun den villen Open Air Evenementer den Dag genéissen.
Am Summer kann een gemittlech op engen vun den villen Strandbaren den Dag auskléngen loossen oder et kann een den Dag op der Donauinsel verbréngen, wou een schwammen goen oder Beachvolleyball spillen kann. An am Wanter huet een d’Méiglechkeet an manner wéi enger Stonn vun Wien ewech, Schi oder Snowboard fueren ze goen.

Des Weideren gëtt et zu Wien eng Rëtsch international Organisatiounen wéi zum Beispill d’OPEC, een vun den Sëtzer vun der UNO souwéi “Internationale Atomenergie Organisation” (IAEO).

Wien gëllt weltwäit als déi Stad mat der héchster Liewensqualitéit, dat huet fir déi 10. Kéier hannerteneen eng international Mercer Studie 2020 erginn. Hei goufen 231 Stied unhand vun 39 Krittäre verglach.

Wat Bildung betrëfft, bitt Wien senge bal 200.000 Student/innen all méiglech Studierichtungen op iwwert 25 ëffentlechen Universitéiten, Fachhéichschoulen a privaten Universitéiten.

praktesch Infor-matiounen







# Transport

Den ëffentlechen Transport zu Wien heescht Wiener Linien. Am Joer 2020 sinn insgesamt 819.000 Joreskaarten verkaf ginn, dëst ass och net verwonnerlech bei den villen Méiglechkeeten, déi engem zur Verfügung stinn.

Wann een d'Streckennetz vun Ubahnen, Bussen an Stroossenbunnen zesummenzielt, kënnt een op insgesamt 1.150 Kilometer. Am Ganzen ginn et 5 Ubahnen (U1, U2, U3, U4 an U6), woubäi een nach erwänen muss, dass ab 2023 d'U5 als 6. Ubahnlinn dobäikënnt. Stroossenbunnen ginn et insgesamt 28 Stéck zu Wien an zousätzlech ginn et nach eng ronn 131 Buslinnen. Weekends oder op Feierdeeg fueren d'Ubahnen déi ganz Nuecht duerch. Als Student/in kann een fir 75€ (mat Haaptwunnsëtz) respektiv fir 150€ (mat Niewenwunnsëtz) bei den Wiener Linien ee Semesterticket kafen, dëst gëllt fir all Transportmëttel innerhalb der Kernzone.

Den Fluchhafen vun Wien läit zu Schwechat an ass domadder net méi innerhalb vun dëser Zone, mee fir weider 2,20 Euro kann een den Fluchhafen schnell an bëlleg mam Zuch erreechen.

# Vëlo

Wien ass eng vëlosfrëndlech Stad. Insgesamt ginn et 1.654km Vëlospisten, déi et engem erméiglechen schnell an einfach vun A op B ze kommen. Deemno wou ee wunnt, ass een méi séier mam Vëlo op der Uni wéi mat der Ubahn oder mat der Stoossebunn.
Falls ee keen eegenen Vëlo huet, kann een sech fir 1€ een Account bei enger vun den 121 City-Bike Statiounen oder um Internet maachen. Mat dësen Vëloen kann een dann all Kéiers fir 1 Stonn gratis fueren. Den Vëlo ass awer net nëmmen als Transportmëttel nëtzlech zu Wien, mee och fir d'Stad selwer ze erkënnegen. Et kann een zum Beispill déi ganz Ring-Strooss eng Kéier offueren an dobäi déi schéin Gebaier bewonneren oder en klengen Ausfluch op d'Donauinsel maachen.

# Nëtzlech Apps

***Wien Mobil***: Duerch d'Aginn vum Start- an Zielpunkt berechent dës App déi séierst Méiglechkeet fir mam ëffentlechen Transport un däin Zil ze kommen.
***Studo:*** D'App fir däin Studium. Nom Aloggen mat dengem Uni-Account hues du souwuel deng Coursen, deng Notten, wichteg Informatiounen etc. an enger App.
***Bike Citizens***: Lued der d'Kaart vun Wien erof an d'App seet der wéiste mam Vëlo un däin Ziel kënns.

# Lëtzebuerg - Wien

Eng Méiglechkeet ass den Fliger. Soulaang een ënner 27 Joer ass, kritt een bei der Luxair nach den Studentepräis, deen bei 199 € Aller-Retour läit. Puermol am Joer kommen dann verschidden Offeren, wou een och mol en Vol fir 99 € oder 129 € Aller-Retour kritt. Dës Offer ass och net op en Alter begrenzt. De Vol dauert tëschent 1.15 an 1.45 Stonnen.

Méi ëmweltfrëndlech Methoden sinn den Zuch an den Bus. De Zuchticketpräis ass bei 38 € One-Way, wann ee fréi genuch bucht. D'Zuchfaart dauert 11 Stonnen an et muss een ee Mol ëmklammen.Och den Flixbus ass eng méiglech Alternativ an bitt eng Direktverbindung Lëtzebuerg-Wien un. Dës Busfaart dauert knapp 15 Stonnen an kascht ëm déi 50€.

Eng lescht Méiglechkeet ass den Auto an dauert ongeféier 9 Stonnen. Wann's du eng Matfuergeleeënheet brauchs, dann fënns de sécher an eiser Facebook Grupp "LSW Mitfahrzentrale" een/eng aner/en Student/in, deen/déi dech gären mat op Lëtzebuerg respektiv Wien hëlt.

# Logement

Bei der Wunnengssich zu Wien ginn et lauter Méiglechkeeten seng perfekt Studentewunneng ze fannen. Wien ass eng grouss Stad, do soll also fir jiddwereen eng Wunneng ze fannen sinn.
Falls de léiwer an eng schon bestoend WG zitts, dann recommandéieren mer der d'Internetsäit "wg-gesucht", hei fënns de souwuel Lëtzebuerger/innen wéi och Éisträicher/innen, déi eng Platz an enger WG ze verginn hunn. Wann's du awer eng eegen WG grënnen oder eleng wunnen wëlls, recommandéieren mer der Internetsäiten wéi "immobilien.net" oder "immobilienscout24.at".
Eng weider Méiglechkeet bitt eis Facebook Grupp "LSW Willhaben", hei ginn souwuel am Summer, wéi och am Wanter Annonce gepost, wou ee e Matbewunner sicht oder engem seng Wunneng fräi gëtt.

# Evenementer

**Donauinselfest**: Mat 3 Milliounen Visiteuren op dräi Deeg ass dësen Open-Air Museksfestival een vun den gréissten weltwäit. D'Donauinselfest fënnt normalerweis, all Joer, Enn Juni statt an d'Entrée ass fir näischt.
**Sommernachtskonzert Schönbrunn:** En gratis Concert, Mëtt Mee, vun den Wiener Philharmoniker am Schlassgaart Schönbrunn.
**Rock in Vienna**: Dësen Rockfestival huet 2015 déi éischte Kéier stattfonnt an schéngt ee groussen Erfolleg ze sinn. Och dësen Festival ass op der Donauinsel an et gëtt Musek an den Genren Rock an Metal gespillt.
**Rathaus Filmfestival:** Säit 30 Joer fënnt virum Rathaus d'Filmfestival statt, wou een bei guddem Iessen gemittlech en Film op enger grousser Leinwand kucken kann. Dëst fënnt vun Juli bis September statt.

Zu Wien fannen ausserdeem oft Concerte vun bekannten Museksgruppen oder Museker/innen statt.









**STUDY.** Pour les étudiants de 18 à 30 ans

**TA CARTE**
**TON COMPTE**
**TES AVANTAGES**

axxess

SPUERKEESS.LU

# Universität Wien

Universitätsring 1
1010 Wien, Österreich

D'Universität Wien ass déi gréisst Universitéit zu Wien mat bal 94.000 Student/innen.

Et ass och ausserdeem déi eelsten Uni am däitschsproochegen Raum. 2015 huet d'Universitéit hiren 650. Gebuertsdag gefeiert.

D'Uni bitt den Student/innen ënnerschiddlech Bachelorstudiëgäng, Diplomstudiëgäng an Masterstudiëgäng.
Zu den Haaptstudienrichtungen zielen: Betriebswirtschaft, Publizistik- und Kommunikationswissenschaft, Politikwissenschaft, Psychologie, Pädagogik, Soziologie, Sportwissenschaft, Geschichte, Geographie, Biologie, Ernährungswissenschaften, avm.

Umellen kann een sech, op dëser Universitéit, vun Juli bis Ufank September fir d'Wantersemester, an Januar bis Februar fir d'Summersemester. Wichteg heibäi ass, dass net all Studienrichtung béid Semesteren ugefaangen kann ginn.

Et ginn e puer Fächer fir déi een en Opnamexamen absolvéieren muss. Eng Lëscht mat den verschiddenen Studienrichtungen kënnt der op der Internetsäit vun der Uni fannen.
Ënnert anerem gehéieren zu dësen Fächer: Betriebswirtschaft, Internationale Betriebswirtschaft, Volkswirtschaftslehre, Biologie, Pharmazie, Ernährungswissenschaft, Informatik, Wirtschaftsinformatik, Psychologie, Publizistik- und Kommunikatiounswissenschaft, Sportwissenschaft.

Telefonsnummer:
+43 1 42770

Internetsäit:
www.univie.ac.at





# Technische Universität Wien

TECHNISCHE UNIVERSITÄT WIEN

Karlsplatz 13
1040 Wien, Österreich

D'Technesch Universitéit Wien gouf 1815 vum Keeser Franz I. gegrënnt. Unhand vun dëser Institutioun wollt hien Ingenieuren fir de Militär, de Biergbau an de Bau ausbilden.

TU Wien bitt iwwert 50 Studiegäng un. Dorënner falen ënnerschiddlech Bachelor- a Masterstudiegäng.

D'Haaptstudiegäng op der technescher Universitéit Wien sinn: Architektur, Raumplanung, Bauingenieurwesen, Elektrotechnik, Mathematik an Informationstechnik.

D'Umeldung op der TU Wien leeft fir d'Wantersemester vun Ufank Juli bis September a fir d'Summersemester vu Januar bis Februar.

D'TU Wien ass déi gréissten technesch Uni an Éisträich mat méi wéi 42.000 Student/innen.



Telefonsnummer:
+43 1 588010

Internetsäit:
www.tuwien.ac.at



# Wirtschaftsuniversität Wien

Welthandelsplatz 1
1020 Wien, Österreich

D'Wirtschaftsuniversitéit vu Wien ass 1898 gegrënnt ginn an ass eng staatlech Universitéit, mat knapp 25.000 Student/innen.

Zanter dem Joer 2014 studéieren dës op engem fonkelneien a moderne Campus um Prater.

De Campus WU gouf vun 6 bekannten Architektebüroen aus der ganzer Welt gebaut.

D'WU ass als eng vun de beschte Business Schools an Europa klasséiert an déi gréissten Uni, déi sech op Business an Ökonomie fokusséiert.

Säit 2013 ass en sougenannten Einstiegstest agefouert ginn, fir de Student/innen en organiséiert Studium garantéieren ze kënnen.

D'Umeldung fir d'WU fänkt mat enger Online Registréierung un, déi ee vun Ufank Mäerz bis Mëtt Mee ka maachen. An weidere Schrëtt kann een sech dann definitiv fir d'WU umellen.

Insgesamt ginn et 3 Bachelorstudiëgäng: Wirtschafts- und Sozialwissenschaften ,Business and Economics a Wirtschaftsrecht. D'WU bitt awer och ëm déi 15 verschidde Masterstudiëgäng un.

Telefonsnummer:
+43 1 313360

Internetsäit:
www.wu.ac.at





# Medizinische Universität Wien

MEDIZINISCHE UNIVERSITÄT WIEN

Spitalgasse 23
1090 Wien, Österreich

D'Medizinische Universität Wien ass déi gréisste Medezin-Uni an Éisträich an ass eng vun de wichtegste Fuerschungsinstitutiounen a ganz Europa. Op dëser Universitéit kann een Humanmedizin an Zahnmedizin studéieren.

D'Meduni Wien stellt ausserdeem immens vill Personal fir d'Wiener AKH (Allgemeines Krankenhaus) an dat gréisste Spidol a ganz Europa.
D'Uni huet insgesamt 30 Universitéitskliniken, dräi klinesch Instituter, 12 medezinorientéiert Zentren an eng grouss Unzuel un héichspezialiséierte Laboen.



> Mat ronn 8.000 Student/innen ass d'Meduni déi gréissten Medezin-Uni am däitschsproochegen Raum.

Fir op der Meduni Wien Human- oder Zahmedizin studéieren ze kënnen, muss een den Opnahmetest MedAT schreiwen anbestoen, respektiv sech géint d'Konkurrenz duerchsetzen an en méiglechst héicht Resultat erzielen.

All d'Informatiounen zum MedAt Test an d'Fristen an Terminer ginn ab Enn Januar/Ufank Februar op dëser Säit publizéiert: www.medizinstudieren.at

Op der nächster Säit fënns de nach weider Informatiounen an Fristen zum MedAT 2021 zesummegefaasst, soudass du der den Oflaf ongeféier virstellen kanns. (Oppassen: Terminer an Fristen hunn dat Joer opgrond vun der Pandemie geännert!!)

Telefonsnummer:
+43 1 401600

Internetsäit:
www.meduni.ac.at



# MedAT - Opnahmetest Meduni Wien

## Fristen

***Internet-Umeldung:***
01.03.2021 bis 31.03.2021
***Bezuelen vun der Kostenbeteiligung:***
01.03.2021 bis 31.03.2021 (2021: 110€)
***Test:***
21.07.2021
***Resultater:***
ab der KW 33 (Ufank/Mëtt August)

## Virbereedung

D'Léieren fir den Test ass jiddwerengem selwer iwwerlooss. Mir roden der un den Biologie-, Chimie-, Physik- an Mathematikstoff vun der Première ze widderhuelen (virun allem och op Däitsch), sech awer och déi offiziell Ënnerlagen (Stichwortlisten, Online-Tests, etc.) ganz genau unzekucken an d'Matière ze léieren.
Den Opnahmetest entwéckelt sech vun Joer zu Joer weider, dowéinst kënnen nei Übungen dobäi kommen. D'Zäit vun den eenzelen Deeler oder d'Punkteverdeelung variéieren. Dowéinst roden mer der, un dat virum Test nozesichen an dech gutt ze informéieren. Et ginn ganz vill verschidden Übungsbicher, Intensivcoursen etc. Mir roden der un, onbedéngt Rezensiounen an Bewäertungen ze liesen, fir onnéideg Dépensen ze vermeiden.

**Opbau MedAT**
**MedAT-H Humanmedizin (Beispill):**
40% BMS (Bio, Chemie, Physik,Mathematik)
40 Aufg.: Biologie
24 Aufg.: Chemie
18 Aufg.: Physik
12 Aufg.: Mathematik

40% KFF (Kognitive Fähigkeiten & Fertigkeiten)
15 Aufg.: Figuren zusammensetzen
8 Ausweise: Merkfähigkeit (Einprägephase)
25 Aufg.: Merkfähigkeit (Abrufphase)
10 Aufg.: Zahlenfolgen
10 Aufg.: Implikationen erkennen
15 Aufg.: Wortflüssigkeit

10% SEK (Sozial-emotionale Kompetenzen)
10 Aufg.: Soziales Entscheiden
10 Aufg.: Emotionen erkennen

10% TV (Textverständnis mit 12 Aufgaben)

**Opbau MedAT**
**MedAT-Z Zahnmedizin (Beispill):**
40% BMS (Bio, Chemie, Physik, Mathematik)
40 Aufg.: Biologie
24 Aufg.: Chemie
18 Aufg.: Physik
12 Aufg.: Mathematik

30% KFF (Kognitive Fähigkeiten & Fertigkeiten)
8 Ausweise: Merkfähigkeit (Einprägephase)
25 Aufg.: Merkfähigkeit (Abrufphase)
15 Aufg.: Figuren zusammensetzen
15 Aufg.: Zahlenfolgen
15 Aufg.: Wortflüssigkeit

10% SEK (Sozial-emotionale Kompetenzen)
10 Aufg.: Soziales Entscheiden
10 Aufg.: Emotionen erkennen

20%MF (Manuelle Fähigkeiten)
2 Aufg.: Draht biegen
5 Aufg.: Formen spiegeln

## Veterinärmedizinische Universität Wien

Veterinärplatz 1
1210 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 250770

Internetsäit:
www.vetmeduni.ac.at

D'Haaptrecherchë vun dëser Uni sinn am Beräich vun der Veterinärmedizin, dem ëffentleche Gesondheetswiesen an der Sécherheet vun de Liewensmëttel. Baséiert gëtt sech hei op d'Wuelbefanne vun den Déieren, Déierenhaltung an Déiereschutz.
Bachelor: Pferdewissenschaften, Veterinärmedizin a Biomedizin und Biotechnologie.

## Universität für Bodenkultur

Gregor-Mendel-Straße 33
1180 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 476540

Internetsäit:
www.boku.ac.at

Hei ginn erneierbar Ressourcen am Zesummenhang mat Naturwëssenschaften, Technik an Ekonomie erfuerscht. Fir de Bachelor op dëser Uni kann een ënnert enger Reih vun Studiëgäng entscheeden: Landschaftsplanung- und Landschaftsarchitektur, Forstwirtschaft, Agrarwissenschaften a villes méi.

## Universität für Musik und darstellende Kunst

Anton-von-Webern-Platz 1
1030 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 71155

Internetsäit:
www.mdw.ac.at

Dës Universitéit ass déi gréisste Konschtuni an Éisträich an déi gréisst Museksuni op der Welt. Héi studéieren 3000 Student/innen Komposition und Musiktheorie, Dirigieren, Tonmeister, Instrumentalstudium, Kirchenmusik, Pädagogische Studien, Gesang und Musiktheaterregie, Darstellende Kunst, oder Film und Fernsehen.

## Universität für angewandte Kunst

Oskar Kokoschka-Platz 2
1010 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 711330

Internetsäit:
www.dieang-ewandte.at

“Die Angewandte” ass d’Nummer 1 fir kënschtleresch a wëssenschaftlech Recherchen a steet regelméisseg an Zesummenarbescht mat de weltwäit wichtegste Konschtinstitutiounen.
Hei huet een de Choix tëschen: Architektur, Art & Science, Bildende Kunst, Sprachkunst an nach villes méi.

## Akademie der bildenden Künste

Schillerplatz 3
1010 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 588161818

Internetsäit:
www.akbild.ac.at

Op dëser Konschtuniversitéit gëtt engem d’Léieren an d’Recherchéieren duerch verschidden ästhetesch Phenomener a Wierker bäibruecht.
D’Praxis an d’Denkformen erhält een a verschiddene Bachelorstudiëgäng: Bildende Kunst, Bühnengestaltung, Architektur, Künstlerisches Lehramt.

Nieft dëser Auswahl vun Universitéiten zu Wien, ginn et nach vill weider Universitéiten an Fachhéichschoulen an der éisträichescher Haaptstad. Eng Lëscht mat all dësen Institutiounen kann een ënnert folgendem Link fannen:
www.studieren.at/wien-studien-unis-fhs

## Sport institut Wien

Auf der Schmelz 6A
1150 Wien
+ 43 1 427717001
www.usi.at

D'Universitätssportsinstitut (USI) Wien bitt eng grouss Unzuel un Sportaarte un, vu Fussball a Basket iwwert Pilates a Yoga bis zu verschidden Danzarten oder Schilaanglaf. Do ass also sécher eppes fir jiddwereen dobäi an dat ganzt och nach zu studentefréndleche Präisser.

Umeldungen fir d'Wantersemester fänken Mëtt September un. Fréi un sinn lount sech, well verschidde Sportaarten ewéi Fussball sinn innerhalb vu wéinege Minutten ausgebucht. Doweinst roden mer ierch un, iech schon am Viraus gutt ze informéieren, fir bei der Umeldung nëmmen keng Zäit ze verléieren.

Dat ganzt Kursangebot, Umeldungszäiten an weider Informatiounen fannt der op hirer Internetsäit: www.usi.at

**Alles geniessen, was das Studentenleben bietet.**

**Mit den kostenlosen Vorteilen unseres Green Code Studenten-Pakets.**

Unser Green Code Studenten-Paket beinhaltet kostenlose Bankvorteile, damit Sie das Beste aus Ihrem Leben machen können. Für Studenten zwischen 18 und 30 Jahren.

Mehr Infos auf raiffeisen.lu

Raiffeisen
Die Bank, die ihren Mitgliedern gehört



**SCHROEDER & ASSOCIÉS**

ENGINEERING THE FUTURE TOGETHER

Ingénieurs-Conseils
13, rue de l'Innovation
L-1896 Kockelscheuer

T +352 44 31 31 1
contact@schroeder.lu
www.schroeder.lu

MADE IN LUXEMBOURG
ISO 9001
ISO 45001



## SCHROEDER & ASSOCIÉS an Zuelen

1961
gegrënnt

380 Mataarbechter
(57% Ingenieuren, 31% Techniker + Zeechner, 12% Support+IT+Adm.)

15 lëtzebuerger
Associéen

31% Fraen

13 Nationalitéiten

38 Joer :
Duerchschnëttsalter

## Studente sinn eis Zukunft

Iwwert 100 Studenten all Joer

**Vakanzenjob** ✓ **Stage** ✓ **Diplomaarbecht** ✓

E Stage ass vill méi wéi just eng Pai. Duerfir zéckt net eis ze kontaktéieren !

## Mir sichen nei Talenter !

- Ingenieuren aus de Beräicher Génie civil, Elektromechanik, Génie mécanique, Emwelt
- Geographen, Biologen, Geologen, Hydrologen, Urbanisten, Geometeren/Topographen, Informatiker oder Bauphysiker

A mir schléisse kee Beräich aus, deen innovativ ass !

**Mail eis däin CV mat Motivatiounsbréif op**
**jobs@schroeder.lu**




Mir soen all den Studente **MERCI**
déi beim **SCHROEDER Award** matgemaach hunn !

Lëtzebuerger Studenten Wien

in business since 1975

D'Aufgab vum LSW besteet doranner, d'Lëtzebuerger Student/innen ze beroden, ze ënnerstëtzen an se zesummen ze bréngen.


Eist Zil ass et d'Lëtzebuerger Student/innen vu Wien am In- an Ausland ze vertrieden. Dat heescht awer natierlech net, dass mir eis nëmmen op Lëtzebuerger Bekanntschaften beschränken.

Et ass eis wichteg, den Lëtzebuerger Student/innen zu Wien bei Problemer an Froen ze hëllefen an hinne souwuel wärend hirem Studium, wéi och virdrun an duerno zur Säit ze stoen.

Et kommen ëmmer méi Lëtzebuerger Student/innen op Wien, wouduerch mer natierlech och ëmmer méi Memberen kréien an eist Angebot un Evenementer probéieren ze erhéijen an ze verbesseren.

2021/2022:
300 aktiv LSW Memberen

## Lëtzebuerger Studenten zu Wien



# ACEL- De Studentevertrieder

**Mir sinn fir dech do!**
**Virun, wärend an no dengem Studium!**

ACEL
de Studentevertrieder

## INFORMATIOUN

Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoen fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliicheren. Dës dräi Broschüren fenns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.

Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Uni.






## REGROUPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Studenten, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

## REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelmeissegen Kontakt mat de Ministeren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



contact@acel.lu www.acel.lu @acelluxembourg
ACEL - de Studentevertrieder ACEL - de Studentevertrieder

# Events





Nieft eiser Aufgab, de Student/innen am Laf vun hire Studien zur Säit ze stoen, sti beim LSW eng ganz rei Evenementer am Laf vum Joer um Programm.

Lass geet et Ufank Oktober mat eiser Welcome Party fir de Semesterufank ze feieren. Déi nei Student/innen kënnen an enger gemittlecher Atmosphär aner Student/innen kenneléieren. Ab do hunn d'Leit och d'Méiglechkeet eng Memberskaart ze kafen, mat der verschidden Evenementer scho bezuelt sinn (Welcome Party, Daf, Beachvolleyball-Tournoi, asw.). An engems kënnt d/de Student/in an den LSW-Email-Verdeeler, deen iwwert aktuell Evenementer informéiert a wichteg Noriichte verdeelt.

Als Zweet fënnt am November eis Daf statt, bei der et sech em en Rallye duerch Wien handelt, wou déi nei Student/innen a Gruppen opgedeelt ginn. Zum Schluss gëtt d'Daf mat enger klenger Feier ofgeronnt. Dëst ass eng weider Geleeënheet d'Stad an aner Student/innen besser kennenzeléieren.

Am Dezember feiere mir op eng extra Aart an Weis zesummen de Kleeschen mat engem Pubquiz. Hei trieden eis Student/innen a verschiddenen Ekippe géinteneen un an testen hiert Wëssen an allen méiglech Beräicher.

En zweete Pubquiz gëtt am Laf vum Fréijoer organiséiert.

Am Mäerz steet dann eis Assemblée Générale um Programm, wou den neien Comité vun de Membere gewielt an de Bilan vum Joer gezunn gëtt. Zum Schluss steet eng oppen Diskussioun fir Virschléi an Kritik un.

Am Summer feieren mir eist grousst Sau-Fest op der Donauinsel, wou den LSW fir Gedrénks an eng knuspreg Sau suergt. Dëst Event ass all Joer en Highlight mat iwwer 500 Leit. Mëttlerweil ass d'Saufest sou beléift, dass Lëtzebuerger Student/innen aus allen Stied bei eis op Wien kommen an all zesummen en flotte Weekend verbréngen. Och um Programm stinn eng Besichtegung vun der Stad an en Owesiessen an engem traditionelle Wiener Lokal un.





Fir Nationalfeierdag ginn mir vun der Lëtzebuerger Ambassade zu Wien bei si op en Patt an puer Amuse-Bouches agelueden.

Ausserdeem ginn och sportlech Aktivitéiten organiséiert wéi zum Beispill eisen Beachvolleyball-Tournoi zu Wien, wou d'Gewënner/innen natierlech eng Corbeille kritt.
E weidert grousst Sportsevenement ass den Tournoi de Noël, wou den LSW all Joers am Basket, Fussball an Volleyball eng Equipe umellt.

Och zu Lëtzebuerg si mir vertrueden duerch den Hüttenzauber, deen mir mam Cercle vun den Innsbrucker organiséieren.



Ausserdeem sinn mir um ACEL Studentebal vertrueden, souwéi op der Foire de l´Etudiant, wou mer jiddwereen gären iwwert d'Studienméiglechkeeten zu Wien an alles, wat zum Studenteliewen dozou gehéiert, informéieren.

Sou kënnen mer behaapten, dass fir all Student/in eppes dobäi ass. Falls de nach weider Froen hues, wat eis Memberskaart ugeet, een vun eisen Evenementer oder och aneren Themen, dann zéck net, dech bei eis ze mellen.

## Saufest 2019






Leider konnt och erëm dëst Joer opgrond vun der Pandemie keen Saufest stattfannen. Mir sinn awer zouversiichtlech, dass se am Joer 2022 erëm kann stattfannen!

# COMITE 21/22





**Cédric Heintz**
President
Raumplanung, TU Wien



**Jacquie Staudt**
Vizepresidentin
Veterinärmedizin, Vet Med



**Caroline Schloesser**
Sekretärin
Politikwissenschaften, Uni Wien



**Edvin Ceman**
Trésorier
Politikwissenschaften, Uni Wien

# COMITE



**Melissa Mujkić**
Sponsoring
Deutsche Philologie, Uni Wien



**Lynn Schintgen**
Merchandise
Raumplanung, TU Wien



**Leo Gierenz**
Sportminister
Volkswirtschaftslehre, Uni Wien



**Batty Reding**
Eventmanager
Wirtschafts- und Sozialwissenschaften, WU





**Elisaubeth I von Nassau**
Maskottchen
Metzgerwissenschaften,
Uni Wien

Net ze vergiessen ass eisen Éiere-member an eist Maskottchen an engem; d'SAUFI!

**Kontakt Info**
www.lsw.lu/lsw/vorstand

# Wou gees du am léifsten brunchen?



**Catherine**
*JOMA*,
1010





**Lena**
KLYO,
1010





**Pol**
*Café Telegraph*,
1090





**Mara**
*Adlerhof*,
1070



best 30
INGENIEUR-CONSEILS SINCE 1992

# Développez vos talents !

best est un groupe pluridisciplinaire d'expertise et de conseil dans le monde de la construction qui occupe près de 180 collaborateurs, dont plus de 125 ingénieurs et techniciens. Pour renforcer notre équipe, nous recrutons régulièrement des ingénieurs, urbanistes, licenciés en sciences environnementales, géomètres et dessinateurs.


















plus de projets
sur best.lu

## Faites comme Johny, Anna, Mike ou Jenni : Envoyez votre candidature !

best INGENIEURS-CONSEILS — best MANAGEMENT — INFRATEC — BeST GO GEOMETRES OFFICIELS — best-topo BUREAU DE GEOMETRES — V-KON Ingenieure

best ingénieurs-conseils — 2, rue des Sapins — L-2513 Senningerberg
tél.: +352 34 90 90 — jobs@best.lu — best.lu

fwi.lu

# Wiener Schnitzel



Den traditionellen Wiener Schnitzel gëtt aus Kalleffleesch gemaach a gehéiert zu den bekanntsten Spezialitéiten aus der Wiener Kichen.
Fir dech also perfekt op Wien anzestëmmen, hunn mer hei een Wiener Schnitzel Rezept fir ***zwou Persounen***.

***Schnitzel:***

- 1 Kallefsschnitzel
- Ram
- Eeër
- Miel
- Panéiermiel
- Botter
- Salz a Peffer

***Gromperenzalot:***

- 4 – 5 Gromperen
- Rënds Bouillon
- Esseg
- Ueleg
- 1 Zwiwwel
- 1 EL Moschter
- Salz a Peffer

***Zoubereedung Schnitzel:***

1. Kallefsschnitzel platt dräcken an op deenen zwou Säite pefferen a salzen.

2. Ram an Eeër an enger Schossel mat enger Forschette verréieren. Miel a Panéiermiel jeeweils an een Zoppenteller ginn.

3. De Schnitzel kuerz a Miel zappen, dono an d'Schossel mat der Ram an den Eeër an uschléissend an d'Panéiermiel. Panad e bëssen undräcken.

4. Botter an der Pan schmëlze loossen. De Schnitzel da vun all Säit gutt véier Minutte Gold-giel ausbacke loossen. De Schnitzel roueg mam Fett ëmmer rëm begéissen.

***Zoubereedung Gromperenzalot:***

5. Gromperen 20 Minutte kache loossen.

6. Gromperen nach waarm schielen an se an dënn Scheiwe schneiden. Alles an eng grouss Schossel ginn.

7. Bouillon liicht erhëtzen an iwwert Grompere schëdden. Uschléissend mat Peffer, Salz, Esseg, Zwiwwelen an Uelech verfeineren.

8. No Loscht a Laun och nach Moschter bei d'Zooss derbäi ginn.

Mahlzeit!

# Wienerisch



| Wienerisch | Lëtzebuergesch |
|---|---|
| Servus, Grüß Gott | - Moien |
| Baba | - Äddi |
| heuer | - dëst Joer |
| Jänner | - Januar |
| Feber | - Februar |
| Trafik | - Tubaksbuttek |
| Tschick | - Zigarett |
| Friedhofsspargel | - Zigar |
| Gespritzter | - Wäin mat Sprud-delwaasser |
| Krügel | - 0,5l Béier |
| Doppler | - 2l Wäinfläsch |
| Sechzehna | - eng Dous Otta-kringer Béier |
| Kracherl | - Limonad mat Spruddel |
| Tschecherant | - Alkoholiker |
| fett | - besoff |
| zua sein | - sou voll sinn,datt een net méi schwätze kann |
| restfett | - am Solper |
| Gössermuskel | - Béierbauch |
| Hansl | - waarme Rescht vum Béier |
| Sackerl | - Akaafstut |
| Kassa | - Keess |
| Schanigarten | - Terrasse |
| Babyschaas | - séissen Moschter |
| Faschiertes | - Gehacktes |
| Hendl | - Poulet |
| Kipfer | - Croissant aus Brioche |
| Semmel | - Bréitchen |
| Erdäpfel | - Gromperen |
| Kukuruz | - Mais |
| Marille | - Aprikos |
| Maroni | - Käschten |
| Melanzani | - Aubergine |
| Paradeiser | - Tomat |
| Schwammerl | - Champignon |
| Palatschinken | - Paangech |
| Obers | - Ram |
| Häferl | - Taass |
| Topfen | - wäissen Kéis |
| Zuckerl | - Kamell |
| Bim/Tram | - Stroossenbunn |
| Spital | - Spidol |
| Nachzipf | - Noexamen |
| Münzkaribik | - Solarium |
| Bussi/Busserl | - Kuss |
| gspusi | - Techtelmechtel |
| Gspaßlabern, Tutteln | - Bréscht |
| Nudelfriedhof | - Prostituéiert |
| leiwand | - gutt |
| deppert | - blöd, domm |
| fesch | - schéin, attraktiv |
| schiech | - ellen |
| ur (z.B Urgeil) | - mega |
| kommod | - bequem |
| gschlant | - gutt ugedoen |
| miselsüchtig | - depressiv |
| abpaschen | - fortlafen |
| grausen | - sech virun eppes eekelen |
| wuzeln | - Kicker spillen |
| sudern | - jéimeren |
| blunzen | - egal |
| wacheln | - wénken |
| Pallawatsch | - Duercherneen |
| Schmäh | - Witz |

# Impressum

## Editeur
Lëtzebuerger Studenten Wien
Site: www.lsw.lu
Kontakt: lsw@lsw.lu

## Redakteren
Braun Lisa
Daleiden Ciara
Dammé Michelle
Heintz Cédric
Johann Gilles
Pepin Lou
Suljic Smail
Vandermuntert Maxime

## Layout an Design
Dammé Michelle
Heintz Cédric

## Sponsoring
Mujkić Melissa

## Korrekter
Mujkić Melissa

## Editioun N°7
Original 2015-2016

## Fotoen
Clees Philippe
Dammé Michelle
Heintz Cédric
Johann Gilles
Mujkić Melissa
Pepin Lou
Schloesser Caroline

